

Här Mars di Bartolomeo  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Januar 2018

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister, den Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen an den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Zënter e puer Joer scho gëtt um Projet geschafft, deen e Wandpark zu Déifferdeng virgesäit. Well déi Wandmillen do awer op engem Terrain sollen opgeriicht ginn, ënnert deem al Minne leien, stelle sech eng Rei vu Froen am Zesammenhank mat der Stabilitéit an der Kontroll vun deene geplangten Installatiounen.

An dësem Kontext wéilt ech der Madamm an den Häre Ministere gär folgend Froe stellen:

1. Ass et erlaabt esou grouss Installatiounen op engem Terrain opzeriichten, ënnert deem al Minne leien? Kann ee garantéieren, datt deen Terrain an domat déi Wandmillen, déi drop sollen opgeriicht ginn, stabil sinn a bleiwen an datt de Buedem net nogëtt oder esouguer abrécht?
2. Ass d'ITM (Inspection du Travail et des Mines) zoustänneg a verantwortlech fir d'Stabilitéitskontroll vun deenen ale Minnen?
3. Ass virgesinn, datt, no franséischem Virbild, all Joer Stabilitéitskontrolle gemaach ginn?
4. Wéi en Impakt hunn déi Baumoosnamen an déi noutwenneg Kontrollen an deenen ale Minnen op déi Kolonië vu Flantermais, déi do liewen? Wat fir Mesurë si virgesinn, fir d'Ëmwelt bei dësem Bau ze schützen?
5. A wéi wäit gëllt de Precautionsprinzip am Fall vun engem potentiell onstabile Buedem? Wéi grouss wär de Sécherheitsperimeter bei enger Wandmillen, bei där den héchste Punkt bei 200 Meter läit? Wéi kann d'Sécherheet vun den Awunner an där Géigend a vun deenen anere Leit, déi hir Fräizäit do verbréngen, garantéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten